DE FREIE LETZEBURGER

# ONS HEMECHT

LPL

OFFICIELLT ORGAN VUN DER LPL

Verantwortleche Redacter: Déngens Dömmy. Drock a Verlag: 57, Pietresboulevard, Lötzeburg.
Ennert dem Protectorat vum Gauleiter an dem Häuptling vum Mouvement
Direct Verbindong o'ni Drot mat London, New York, Moscau, Tschungking.

Nr.55. So' secher we' ons Bierger wénken
Könnt d' Freihêtssonn èn Dag ons blénken I.Nov.1944.

C. W. O. II
BG 192
S. G. M.

## S E R V I R.

Servir ! voilà ce que voulaient tous nos braves qui menaient au fond des bois une vie hérissée de dangers incessants,
Servir ! voilà ce que voulaient ceux qui accomplissaient leur mission de sabotage et de guérilla avec le patriotisme le plus pur et l'esprit de sacrifice le plus complet.
Servir ! voilà ce que le vrai maquisard ambitionnait. Ce mot seul peut faire comprendre son abnégation, sa discipline, son dévouement et son mépris de mort.
Hélas , ce sont eux qui souffrent le plus aujourd'hui, on porte atteinte a leur vie toute de droiture et on dénigre leur action contre le Boche ........ ne va-t-on pas jusqu'a dire qu'ils auraient mieux fait de rester chez eux.
Rester chez eux ! ............ C'est ce que vous avez fait, pauvres imbeciles de Pantoufflards, qui au lieu de "servir ," avez ,, joui ,, du sacrifice de ceux qui se donnaient sans compter à la Patrie.
Nous ne Vous dirons qu'une chose : Ne parlez plus si haut, votre orgueil et votre égoisme nous écoeurent et si, au fond des bois, nous sommes devenus un peu " Sanglier ,, nous pourrions rougir contre vous et vous faire sentir nos crocs.
Nous ne permettrons pas que vous portiez atteinte à notre honneur nous sommes propres et nous ne nous laisserons pas salir. Nous n'avons jamais eu qu'une ligne de conduite ; faire notre devoir !
Aujourd'hui, tout vrai Luxembourgeois doit continuer à servir:
Servir dans l'ordre, dans la légalité.
Les maquisards, digne de ce nom n'attendent du Gouvernement que les ordres formels et rapides pour repondre : Présent ! quand à à ceux qui n'ont pas servi sous l'occupation et durant la guerre, et qui aujourd'hui ne pensent qu'a " se servir ,,
Nous leur dirons: Halt , retirez-vous;

La résistance des bons Luxembourgeois,les souffrances et la mort héroique de nos braves maquisards vous interdisent d'exploiter leur sacrifice.

" BAS LES PATTES. ( J.R.A.S.

::;;:::::::::;;:::;:::::

Ceux qui,en pleine guerre,tentent de diviser la Résistance par des Patronages puerils et des distinctions de tendances accomplissent une besogne comparable a celle qui consiste à démoraliser une Armée.

..................................

t'Résistenz huet keng Prétencio'nen,mè Pflichten,awer och Rechter, a cie fé'ert s'och zu Enn an dét sie och respecte'eren.

..................................................

OPGEPASST.

---

t'Nazien hu vill vu hire Spitzelen bei ons zerëk geloss,ganz onschelleg sin t'Borschten a se'e sech dè gre'sst Patrioten,jo Patrioten vu der élefter Stonn,a gléft ons,dè Honn,dè sin mè gefè'erlech wè dir et mengt.

t'Preisen si fort,mé dach lôsse si hanner sech eng Organisatio dè feneft Colonne.Dir fannt si iwerall,si hu sech ageschmokelt a patriotesch Organisationen,mat alle mégleche Papei'eren.

Setzt én vu déne Borschten hinter Schloss und Riegel,da si QOO gleich veschidden Elementer op de Bé'n fir hinnen t'Loess ze ver - besseren,wann et einstweilen net mèglech ass den Hond ganz frei ze kré'en .Do ass t'Gefohr.

Vill vun déne Leit dè net gelidden hun an hire Familjen,an spéciell un hirem Geldsâk,dè si beréd iwer villes de Schwamp ze paase'eren enner enger gewësse Form vun Egoisme.
Solle mir ons dât gefâle lôssen,nén an nach émol nén.

::::::::::::::::::::::::::::::::::::::::::::::::

Halo - - Halo

---

Mir wenden ons un ons trei Liéser,mir sichen verschidde Numero'en dé ons féhlèn an der Collecti'on vum Freie Letzeburger. Mir wären déne Leit dankbar dé ons wéllen hir âl Numero'en zur Verfügung stellen,si kre'en se nei crëm._ An viraus merci.

C. W. O. II
C. 2. G. M.

Am Escher Tageblatt do stéht folgendes
t'ze liésen.

An elo gin ech allen Pappen a Mammen e gudde Rôt.Schnéed dén heien Artikel eraus a lie'st en ére Kanner all Dâch,murges,möttes an owes vir,dass sie et nömmen net mâchen,wann se emol gro'ss sin,ewe'mir et gemâcht hun :

Kanner!

Wann nach éng Ké'er Krich gött,da passt nömmen op we'der ie'ch behuelt,ewell dât ass wichteg fir e'rt ganzt Liewen.Wann d'Preisen meist Land nammel besetzen,wât jo,eso'wer se kennen,ganz bestömmt de Fall ass da mâcht et eso':

Mâcht iech direkt fir bei.Ganz secher hun se dann nammel de selwecht Organisatio'nen,dé se des Ke'er hâten.Nömmen passt op,a wât fir éng Formatio'n dass der gitt.Ewel d'Preise verlé'eren de Krich och nammel,we'se all Krich musse verle'eren,wann d'ganz Welt sech gént se op d'Bé setzt.

Nömmen net an d'S.S. oder freiwölleg an d'Wehrmacht,dât ass ze vill gefe'erlech.Do gét et iech fir d'Klatz,eso' oder eso'.Dât béscht ass, dir meld iech an d'NSKK, da kritt der direkt éren Auto frei an eso' vill Benzin,we' der braucht.Dât gött dann èng fein Affair.Da könn der Geschäfte mâchen zu frecks.Dir könnt hamstere fueren,a mat de preise~~sp~~schen Bonzen,de' et da secher och gött,durch d'ganz Land an an d'Ausland sausen.Dir könnt dann mat hinnen frie'ssen a saufen,an op d'Juocht go'n eso' vill we et iech gefällt.An wann de Krich dann eröm ass,dann hu der zwar en dècke Ko'p Marken,awer soss neischt ze färten.Ewell all de Deck wâren dann och am selwechte Fall,an der wösst,dass dénen net eso' se'er eppes ka gesché'en.

Dro't och vum eschten Dâg un d'Spéngel,de'et dann och secher gött a surgt derfir,dass der där e pur hut,vir un all Paltong, soss könn der se emol èng Ke'er vergie'ssen unzedinn.

An da so der bei all me'glechen an onme'glechen Gelèenhéten ,,Heil Hitler" oder ,,Heil Kräuter",oder we dann hire Fuhrer hécht. Dât hun se gier.

An alle Versammlongen musst der dofir suergen,dass der fir an der éschter Rei sötzt,wann der dann och ob d'Foto kommt,dât mecht neischt aus,do gött herno en A zo'gedreckt.

Eng fein Affär ass och,wann der et mat ère preisesch e Frönn durch könnt setzen,dass der Alleinverteiler vun irgend eppes könnt gin. Wann de'Miliz,de' dann nom Krich nammel do ass,iweral an de preisesche Polizeiburoen eidel Fläschen,Köschten an Tuten mat èrem Numm dro'p fönnt dât mécht neischt aus.Dir fannt schon éng Ausrie'd.D'Häptsâch ass herno ère Bankkonto.Oder wann der et am Liewen zu enger gudder Stâtsplâz bruecht hut,da si dir de richtege Man fir um ,,Ehrengericht" vun der V.D.B. de Président ze mâchen.Eso' Leit brauchen d'Preisen grad.Wann et dann nammel brenzlech gött,da verstoppt der iech einfach e puer Wochen. Durno könn der dann,mat èngem Letzeburger Bändchen am Knapplach,nammel ro'eg durch d'Strôsse go'en.Ké Mönsch dét iech eppes.

Wann der all de' gudd Re't befollegt,da gét et iech gudd. Da kritt der all eng gudd Plâtz bei de Preisen.Oder wann der eng gudd hât,da kritt der nach eng besser.

Nömmen opgepasst,dass der ömmer wösst önner wât dass der ére Numm setzt.Dât könnt herno gefe'erlech gin.Dass nömme kén nom Krich iech kann eppes Schröftleches noweisen.Duerob könnt et un.Da gidd der am schlömmste Fall ob é bessere Posten versât an d'Sach ass an der Rei.

Och net vergie'ssen,den èschten Dâg,wo' der dann vun denen uniforme'erte Preisen befreit sidd,direkt de letzeburger Fèndel eraus ze henken.Wann der en och nammel musst erân huelen,dât mecht neischt. Dir könnt ömmer versichen fir en nammel obgehângen ze kre'en.

Wann der et eso' mâcht,we' ech iech et elo' gesôt hun,da braucht der och net ze färten,dass der mat èrer Famill ömgesiddelt göt oder dass der an engem preisesche KZ.-Lâger musst frecken.

Duerfir,Kanner,verhâlt nömme gudd,wât ech iech elo gesôt hun, da braucht der och net nom Krich zu soen,we'er Pappen elo musse soen!

Wât ware mir Ochsen.

(De Man vun der Strôss)

Mir sin ganz senger Ménong.

Souscription

vum Freie Letzeburger fir de' Ömgesiddelt an de' aus de KZ-Lageren,de'oni Möttelen an t'Hémecht eröm kommen.

Mir hoffen vun Hierzen,dât t'Letzeburger am Ausland net zereck sto'n a weisen dât sie un dé denken de' alles hiergin huen,fir t'Freihét vun hirem Land an nach haut leien an de Kz-Lageren,Prisongen, a vill vun hinnen an Dod'sgefohr sin,ewô mir schon's längst erëm t'Freihétssonn gesin. Denkt u Si.
Lôsst et kommen,wann Iech geliffť,an gidd Eerer Mèglechkét hô.
Am viraus merci.

:::::::::::::::::::::::::::::::::::::::::

Mobilisation Générale.

oooooooooooooooooooooooooooooo

De Façadeklascher huet seng léscht Réserven mobilise'ert. An de Spidoler selwer,all dè e Bé'n verluer hun,dat ziehlt net,et ass égal wat fir ént.Da kommen dèjénech dè nach dat rechts A. an den rechtsen Arm hun,dè all mussen erëm an t'Front.Da werden t'Blitzmädel kommen,mat dénen den Adi ganz Europa iwerschwemmt hât.

Bei de Preisen werd jo de patriotesche Gèscht nés obflackern an t'Résultat net ausbleiwen.

oooooooooooooooooooooooooooooooooooooooo

Liesst a verbré'd de Freie Letzeburger.